Exposition
**Faïences de Mettlach**
**L'artisanat d'art de Villeroy & Boch à l'époque de l'historicisme**
**Prolongation jusqu'au 12 mars 2000**




MUSÉE d'HISTOIRE de la VILLE de LUXEMBOURG

MUSÉE d'HISTOIRE de la VILLE de LUXEMBOURG
14, rue du Saint-Esprit
L-2090 Luxembourg
Tél.: 22 90 50-1
4796-3061

Ouvert:
mardi-dimanche
10.00-18.00 heures
jeudi: 10.00-20.00 heures
fermé le lundi

Entrée: 200.- flux
réduite: 150.- flux
Enfants jusqu'à 12 ans: gratuit

VILLE DE LUXEMBOURG



Säit bal 25 Joer probéiert de Koschter eng Zäitschrëft ze man, di erëmspiggelt, wat zu Lëtzebuerg am Beräich sozial Bewegunge lass as: sief dat a Saachen Immigratiounsproblematik, oder Drëtt Welt, oder engagéiert Chrëschtentum, oder ... (Jhust di ekologesch Thematik hu mer - vläicht zevill - dem *Kéisécker* iwwerlooss.) Duerfir as de Koschter ëmmer neess frustréiert, dass e grad an deene Beräicher am daxste vergiess gët: De Koschter gouf gefrot, fir den Appell zugonschte vun de 'sans-papiers' matzënnerschreiwen, mä op d'Pressekonferenz, wou d'ASTI dee Pobeier presentéiert huet, gouf e nët invitéiert. De Koschter huet als eenzeg Lëtzebuerger Zeitung en ausféierlechen Dossier iwwert d'Verschëldung vun der Drëtter Welt an d'Initiativ 'Jubilé 2000' publizéiert, mä an der Pressemapp, di beim Colloque vun där Initiativ am Januar um Kierchbierg organiséiert gouf, louch kee *forum*-Artikel, jhust nichtssagend Artikelcher aus der kommerzieller Press.

***forum***

De Koschter hat leider scho mi dax Geleënheet, fir op di staark rietsgeriicht Haltung vun der CGFP an domat vun der 'Chambre des fonctionnaires et employés publics' opmierksam ze man. An hirem Avis zum Projet de loi 4628 fir e neie Lycée um Geesseknäppchen stéisst di Chamber sech net drun, dass en no enger Fra soll genannt gin, di awer de Numm vun hirem Mann soll droen, mä si verlaangt eng verstäerkt Direktioun mam Argument "pour que le bon fonctionnement et la cohabitation des différentes souches d'élèves puissent être garantis sans friction et dans la bonne entente, autrement le classique risque de souffrir dans son recrutement futur". D'Auteuren schéngen vergiess ze hun, dass grad an engem Lycée um Geesseknäppchen, dee soss narwell vill op säi Prestiisch hält, zejoert e Bus, dee mat Schüler an d'Schivakanz ënnerwee war, op der franséischer Autobunn ugehal gouf a sollt konfiskéiert gin, well d'Gendaarmen eng zolitt Quantitéit Canabis fonnt hun, an dass nach viru kuerzem e Schüler aus besserem Haus mat geluedenem Revolver an d'Schoul koum. Ënner deenen Ëmstänn geséich de Koschter éischter Uersaach, d'Schüler aus dem Technique virun deenen aus dem Classique ze schützen. Mä prinzipiell gesäit de Koschter net a, wat esou Ënnerscheedungen a Préjugeë vis-à-vis vun deenen engen oder anere sollen.

**m.p.**